




Pompier de support

Direction de la Coordination Opérationnelle

Département des Pompiers Volontaires

mardi, 9 juin 2020



1 Aféierung

Wéi am groussherzogleche Règlement vum 15. Juni 2018 iwwert déi fräiwëlleg Pompjeeë vum CGDIS beschriwwen, gëtt et nieft de Stagiairen an den operationelle Pompjeeën och nach d'Méiglechkeet, als Pompier volontaire de support am CGDIS aktiv ze sinn. Bis elo krut nach kee Pompjee eng Nominatioun als Pompier de support, all aktive Pompjee ass am Statut vum "Pompier volontaire operationell".

Ab dem 1. Juli 2020 gëtt d'Konzept vum Pompier de support an d'Praxis ëmgesezt an esou och eng Entlaaschtung vun deenen operationelle Pompjeeën erbäi gefouert, andeems verschidden Aarbechte kënnen zukünfteg vun engem Pompier de support iwwerholl ginn.

2 Définitoun an Erklärung

De Pompier de support ass definéiert als Pompjee deen net oder net méi d'Konditiounen erfëllt fir operationelle Pompjee ze sinn, a fir net-operationell Funktiounen kann affektéiert ginn:

"[...] Les pompiers volontaires qui ne remplissent pas ou plus les conditions d'engagement **peuvent être affectés à des tâches autres que des interventions effectuées par leurs unités**"

(cf. Art 34 loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile et création d'un Corps grand-ducal d'incendie et de secours)

"les pompiers, qui ne remplissent pas ou plus les conditions d'adhésion aux catégories des pompiers volontaires stagiaires et opérationnels, et **qui peuvent être affectés à des fonctions non-opérationnelles**"

(cf. Art 1er (4) Règlement grand-ducal du 15 juin 2018 relatif aux pompiers volontaires du Corps grand-ducal d'incendie et de secours)

Dat heescht am Kloertext: e Pompier de support huet kee Piipsert an och keen Helm. De Pompier de support fiert net mat op en Asaz, a kann domadder och keng "ongeféierlech" operationell Aarbechten oder Aufgaben ausféieren, wéi zum Beispill den ELW oder Poste Fixe ze bedéngen, Fotoen um Asaz ze maachen oder de Ravitaillement op eng Asazplaz ze féieren.

De Pompier de support behält säi Statut als fräiwëllege Pompjee am CGDIS a kann och vun den Avantagen, déi een an dëser Funktioun am CGDIS huet, profitéieren. De Pompier de support ass keen inaktive Pompjee, mä iwwerhëlt weiderhi wichteg Aufgaben am CIS oder GIS, just eben abseits vum operationellen Alldag.

Leit déi net méi wëllen aktiv am CGDIS matschaffe kënnen sech entweder um Niveau vun der Amicale engagéieren oder wann se d'Konditiounen erfëllen, sech als Veteran affektéiere loossen.

"De Pompier de support ass net deen neien inaktive Pompjee."

Fir Pompier de support ze gi muss ee mindestens 16 Joer al sinn an d'Konditioune vum Artikel 16 aus dem groussherzogleche Reglement vun de fräiwëllege Pompjeeën erfëllen.

Pompier de support kann een op Eegeninitiative ginn oder well een net méi di medezinesch Aptitude vun engem operationelle Pompjee vun de Katégorien A, B oder P erfëllt.

De Pompier de support muss awer eng gülteg Aptitude médicale vun der Katégorië S hunn.

Remarque

Heibäi sief awer ze betounen, datt d'Kategorie S och weiderhin erlaabt, de Statut als opérationnelle Pompjee kënnen ze behalen, wann een en operationellen Emploi ausübt, fir deen déi medezinesch Aptitude vu der Kategorie S virgesinn ass. Dëst ass aktuell de Fall an folgende GIS:

- Pompjee am GIS Groupe d'appui à la coordination operationelle
- Pompjee am GIS Groupe de support psychologique
- Pompjee am GIS Centre de Soutien Logistique – Volet Ravitaillement

Fir de Moment ass an de CIS, déi jo primär Aufgaben am Beräich vum Incendie-Sauvetage (Kategorie A) a Secours à personnes (Kategorie B) wouerhuelen, keen Emploi fir d'Kategorie S virgesinn.

De Pompier de support kann, soulaang en d'Konditioune erfëllt respektiv nees erfëllt, erëm zeréck oder an d'Kategorie vum operationelle Pompjee, respektiv vum Veteran wiesselen.

De Pompier de support huet Urecht op eng Insigne, deen hien am Kader vu sengen Aufgaben als solchen ausweist.



Insigne vum Pompier de support

Desweideren huet de Pompier de support Urecht op eng Tenue de base (F1-Uniform), déi e wärend senger Missiounen droe muss.

Am Fall wou de Pompier de support virdrunner operationelle Pompjee war, esou däerf hien bei offiziellen Representatiounen weiderhin d'Gala-Tenue mat sengem Grade fonctionnel undoen, deen hien als läscht als Pompier opérationnel ereescht hat. Dëst ass also d'nämmlecht wéi bei

de Vétérane (cf. Artikel 2 vum Règlement grand-ducal du 18 septembre 2018 déterminant les grades fonctionnels, les tenues, insignes et attributs des personnels du CGDIS).

Remarque

Ee Pompjee deen am Service de Santé au Travail (STP) aus medezinesche Grënn (temporär) net déi gefrote Kategorie A, B oder P ereesche kann an ee Reklassement an d’Kategorie S proposéiert kritt mat der Optioun vun enger Neiënnersichung no puer Méint, muss net direkt de Statut vum Pompier opérationnel zum Pompier de support wiesselen. Dëst soll onnéidegen administrativen Opwand vermeiden.

An deem Fall kann de Pompjee temporär am Statut vum Pompier opérationnel bleiwen, däerf awer nëmmen déi nämlecht Aufgabe wouerhuele wéi och ee Pompier de support.

Wann spéitstens no engem Joer de Pompjee net déi gewënschten Aptitude A, B oder P zeréckkrut an sech och net an engem GIS wëll engagéieren, esou muss hien de Statut zum “Pompier de support” offiziell wiesselen, well hien an deem Fall net méi d’Konditiounen fir de Statut vum “Pompier opérationnel”, virun allem wat d’Formation continue ugeet, erfëlle kann.

3 Aufgaben vum Pompier de support

D’Pompier de support kënnen op deenen ënnerschiddlechste Plazen am CGDIS agesat ginn. Fir all dës Aarbechten um Niveau vum CIS/GIS huet de Pompier de support déi nämlecht Urechter op eng Indemnitéit, sou wéi se am Règlement iwwer d’Indemnisationen am CGDIS virgesinn ass.

Wann de Pompier de support ee spezifeschen Emploi iwwerhëlt (z.B. Moniteur an der Formation), esou muss hien och déi noutwendeg Formation continue an Aktivitéit sécherstellen, wéi et an dem “Référentiel emploi & activités” beschriwwen ass.

Wann de Pompier de support eng méi allgemeng administrativ/logistesche Aufgab an enger Unitéit vun engem CIS/GIS iwwerhëlt, esou gëtt seng regelméisseg Aktivitéit vum Chef d’Unité a vum Chef CIS/GIS kontrolléiert.

Wann ee Pompier de support während engem ganze Joer guer keng Aktivitéit opweist an och kee Changement de statut zum Vétéran ustriewt, esou ass hien als inaktiv unzegesinn, an de Chef CIS/GIS kann iwwer d’Déclaration de sortie op Dynaforms d’Ofmeldung am CGDIS ufroen.

3.1 Pompier de support um Niveau vum CIS

E Pompier de support kann déi managérial Aufgab vum Chef CIS oder Chef CIS adjoint iwwerhuelen. An deem Fall kann ën natierlech net un den Asätz vu sengem CIS deelhuelen a muss dëst dofir zesumme mat dem anere Féierungspersonal aus dem CIS (Adjoint, Chefs d’unités, Sektionscheffen) organiséieren, fir datt dës operationnell Koordinatioun awer séchergestallt ass.

Am CIS kann de Pompier de support an deene verschiddenen Unitéiten agesat ginn:

3.1.1 Unité administrative et financière

An dëser Unitéit kann de Pompjee zum Beispill agesat gi fir Déngschtleschten ze verwalten, fir bei der Gestiou vum de Memberen ze hëllefen oder soss Aarbechten am administrative Beräich duerchzeféieren. Natierlech kann een als Pompier de support och Chef vum dëser Unitéit sinn.

3.1.2 Unité de prévention et de planification

An dëser Unitéit kann de Pompier de Support ënnert anerem hëllefen "Avis de prévention" ausstellen, an der Planificatioun ze hëllefen oder bei Evakuatiounsübungen derbäi ze sinn. Och hei kann de Pompier de support Chef vum dëser Unitéit sinn. Dëst alles awer ënnert der Voraussetzung, datt de Pompier de support déi néideg Qualifikatiounen am Beräich vum der Präventioun/Planificatioun opweisen kann.

3.1.3 Unité technique et logistique

An dëser Unitéit gëtt et déi meeschten a verschiddensten Aarbechten déi vum de Pompier de support kënnen iwweholl ginn: zum Beispill bei der Maintenance vu Ween a Material ze hëllefen, am Otenschutzatelier eng Hand unzepaken, d'Ween ze wäschen, ze tanken oder an d'Kontrollstatioun oder an d'Garage ze fueren. Mee och verschidden handwierklech Aarbechten an a ronderëm d'Gebai kënnen vum dëse Leit iwweholl ginn. Natierlech kann och hei de Pompier de support Chef vum dëser Unitéit sinn.

3.1.4 Unité formation

An dëser Unitéit kann de Pompier de support hëllefen Übunge virzubereeden, Theoriecoursen am Kader vum Maintien des Acquis ofhalen oder als "Victime" matwierken.

De praktesche Maintien des acquis an och d'Leedung vum der Unitéit kann nëmmen vum engem operationellen Pompjee duerchgeféiert ginn. De Pompier de support däerf soumadder och net aktiv u prakteschen Exercicer deelhuele (≠ Manipulatioun vum Asazmaterial a Gefiirer, Funktioun vum Maschinist iwwehuelen etc.).

3.1.5 Unité jeunes pompiers

Bei de Jugendpompjeeë kënnen d'Pompier de support eng wichteg Roll spillen beim Encadrement an der Animatioun vum de Jugendpompjeeë an dat an der Fonktioun als Jugendhelfer.

Beim Maintien des Acquis vum der Jugend gëllen déi nämlecht Regeln wéi bei der "Unité Formation".

3.2 Pompier de support um Niveau vum GIS

Fir déi verschidden Spezialgruppen verhält et sech d'nämlecht wéi an de CIS, och hei kann de Pompier de support an deenen verschiddenen Unitéiten eng Hand mat upaken. De Pompier de support kann awer net Chef de groupe (adjoint) ginn, well mat dësem Posten och operationell Aufgaben verbonnen sinn.

3.3 Pompiers de support avec missions particulières

3.3.1 Promotion du Volontariat

Am Kader vun der Promotion du Volontariat kënnen d’Pompiers de support agesat ginn fir de CGDIS an der Ëffentlechkeet bekannt ze maachen. Well bei Foiren a Portes Ouvertes oft och aner Froen z.B. iwwert Eischt-Hëllef-Couren, Dampmelder an haaptberufflech Carrièren gestallt ginn, muss een hei natierlech bereed sinn sech an dëse Punkten informéiert ze halen.

3.3.2 Communication institutionnelle

Am “Service Communication” vun der Direction générale kann ee Pompier de support mat engem spezifeschen Opdrag Reportagen a Fotoen vun Événementen vum CGDIS (Parade, Remise des grades, grouss Exercicer,...) maachen, an esou zur wichteger Ëffentlechkeetsaarbecht vum Rettungsdéngscht bäidroen.

E Pompier de support wäert awer ni kënnen op eng Asazplaz geschéckt ginn fir Fotoen ze maachen, dëst ass der “Communication Opérationnelle” vum CGDIS virbehale an do kënnen nëmmen operationell Pompjeeën dran aktiv sinn.

3.3.3 Pompiers de support um Niveau vun der Zone

Wann ee Pompier de support sech wëll an engem Beräich engagéieren, deen et a sengem CIS/GIS net gëtt oder wou a senger Unitéit net vill oder genuch Aarbecht do ass, kann ee sech och um Niveau vun der Zone engagéieren. Hei kann een sech virstellen, datt ee Pompjee zum Beispill um Niveau vun der Zone zoustänneg ass fir Asazween an de Contrôle technique oder an d’Reparatur ze féieren, respektiv am zonalen Stock oder an enger gréisserer Otemschtzwierkstatt eng Hand mat upaakt. Och den Transport vun Übungsautoen kéint ee Beräich sinn, wou de Pompier de support kann agesat ginn. Hei kann de Pompier de support deemno ganz am Sënn vun engem eenheetlechen nationalen Corps och aner CIS/GIS ënnerstëtzen.

3.4 Pompiers de support am INFS

Bei der Formatioun vum INFS kann de Pompier de support agesaat ginn, fir den 1. Hëllef-Cours an deen neien Cours iwwer d’Virbeugen vu Feier an Accidenter ze halen. Hei ass natierlech d’Viraussetzung, datt een och déi néidesch Formatiounen gepackt huet fir kënnen als Moniteur Couren ofzehalen.

Den Pompier de support kann awer net d’Fonktioun vum Instrukter iwwerhuelen, well mat dëser Funktioun och ëmmer praktesch Aufgaben aus dem Pompjees-, Ambulanz- oder GISberäich verbonnen sinn.

4 Réserve de la Sécurité civile

Am Kader vu Groussasätz, nationalen Katastrophen oder Krisen, an deenen de CGDIS mat villen Ressourcen gefuerdert ass, kann de CGO décidéieren, fir d’Pompiers de support fir verschidden net-operationell Aufgaben als Ënnerstëtzung am Hannergrond erunzezéien, fir datt déi operationell Pompjeeën sech kënnen prioritär op hier Missiounen am Asaz konzentréieren. An deem Fall gëtt dës Décisioun vum CGO un d’CIS/GIS kommunizéiert, déi dann intern hier

Pompiers de support als Ënnerstëtzung kënnen erunzéien. Dëst ass dofir virun allem fir Aufgaben mat Virlaafzäit an ouni Zäitdrock geduecht, déi net direkt op der Asazplaz stattfannen.

Konkret Beispiller fir esou Aufgaben kinnten sinn:

- Ausdeelen vu Material un d 'Bevëlkerung (z.B. wéi bei der Maskenverdeelung am Kader vun der COVID19-Kriis 2020)
- Besuergen an Transportéieren vu Material (z.B. wéi d'Akaafen vun Holz fir Reparaturen am Kader vum Tornado 2019)
- Fëllen vun Sandsäck (z.B. wéi déi national Stocken no den Onwieder 2018 erëm hu missten opgefëllt ginn)
- etc.

Dëst weist, datt de Pompier de support ee wichtegt Element am Kader vun de villfältegen Aufgaben vum CGDIS am Kontext vun der ziviler Sécherheet soll ginn, an soumadder och weiderhin säin aktiivt Engagement am Rettungsdéngscht wichteg ass a gebraucht gëtt.

5 Praktësch Emsetzung

Wann Dir interesséiert sidd Pompier de Support ze ginn, musst dir zesammen mat ärem Chef CIS/GIS de Formulaire de Changement de statut ausfëllen, deen um Dynaforms disponibel ass.

Fir all zousätzlech administrativ Démarchen gitt dir oder ären Chef dann vum Departement des pompiers volontaires kontaktéiert.